N°271
Entrée le 02.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden.

Säit November 2023 gëtt d'Benotzung vum Handy um Steier, also ouni Fräispriechanlag, däitlech méi staark bestrooft, well déi Praxis de Chauffeur oflenkt an zu schwéieren Accidenter ka féieren.

Déi Strofen sinn vun 145 € op 250 € gehéicht ginn an et verléiert een elo 4 statt nëmmen 2 Punkten.

- Mir géifen dofir gäre vum Här Minister wëssen ob zanter der Aféierung vun deenen neien Strofen och d'Kontrollen intensivéiert goufen?
- Wéi ginn d'Kontrollen duerchgefouert?
- Wéi vill Chauffeuren sinn an deene leschte Méint interpelléiert, kontrolléiert ginn respektiv gestrooft ginn?
- Wéi héich waren Montant'en vun de Stroofen?

Mat déiwem Respekt,

Mars di Bartolomeo
Deputéierten

Dan Biancalana
Deputéierten